



**Äntwert vum Här Sportsminister op d'parlamentaresch Fro n° 8367 vum 4. Oktober 2023
vum den honorabelen Deputéierten Jeff Engelen.**

Wéi gesäit den Här Minister d'Zukunft vum Dammeffussball zu Lëtzebuerg? Wat sinn déi nächst Schrëtt fir d'Professionaliséierung vun de Fraen am Fussball a wéi ass d'Zesummenarbecht mat de Veräiner? Gëtt et finanziell Hëllef fir dës Disziplin? Wann jo, wéi eng?

De Sportministere gesäit den Dammeffussball net lassgekoppelt vum Fussball am generellen an och net ewéi eng eegen Disziplin. Als Sportminister läit d'Gläichberechtigung mir ganz besonnesch um Häerz an et gëllt keen Ënnerscheid ze maachen tëscht Dammen an Hären, an dëst egal a wéi enger Sportart.

D'Ënnerstëtzung vun de Federatioune gëtt bei eis onofhängeg vum Geschlecht, no de festgeluechte Krittäre gemaach. D'lait dono un de jeeweilege Federatioune, an dësem Fall der FLF, fir de beschtméiglechen Encadrement vu senger Spiller*innen, op Basis vum LTAD-Konzept an zesumme mat senger Memberen, de Veräiner, auszeschaffen.

Lëtzebuerg, de 26 Oktober 2023

Le Ministre des Sports

(s.) Georges Engel